

CHAMBRE DES DEPUTES

Session ordinaire 2016 – 2017

Projet de loi portant

1. Modification du Code de travail

2. Modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

Gläichheet zwëschen Mann a Fra op der Aarbecht,
Gläiche Loun fir gläich oder gläichwerteg Aarbecht,
missten eigentlech haut eng Selbstverständlechkeet sinn,

Här President,

Léif Kolleginnen a Kollegen.

Mee och wann de sougenanntene „Pay Gap“ , also d'Differenz op der Moyenne vum brutto Stonneloun tëschent Männer a Fraen mat de Joeren konstant erofgaangen ass, verdingen d'Fraen hei zu Lëtzebuerg, laut Eurostat nach ëmmer 8,6% manner wéi d'Männer. 2002 louche mer nach bei 19% Differenz. Par rapport zu der europäescher Moyenne vun 16,3% sti mer mat der 5.beschter Plaz eigentlech net esou schlecht do.

Leschte Mount huet den Statec säin neie Rapport zur Gehälterstruktur présenteiert. Dorausser schléisst sech datt net

nëmmen de Schoulofschloss an d'Ausbildung den Ausschlag ginn fir d'Héicht vun der Pai, mee och d'Geschlecht!

Fir d'zweet ass och d'Fonction publique mat dran. Doduerch kommen d'Fraen 2014 bei enger voller Tâche, an der Moyenne - d'Joeresgehalt gekuckt – „nëmmen“ op 6,1% manner wéi Männer.

Am Joer 2014 hun Männer (59.462 €) am Privatsektor awer 10% méi verdéngt wéi Fraen (54.184 euros). Besonnesch krass ass den Gehaltsënnerschied bei Fraen aus Drëttlänner.

Bei der Fonction publique, also d'Administratiounen an den Enseignement, ass d'Loungläicheet schon am Statut verankert. Si steet positiv do an do kippt et liicht an de Géigendeel, well d'Fraen hunn am Duerchschnitt 2 Prozent méi verdéngt (84.339 euros) wéi hier männlech Kollegen (82.817€). Si besetzen verstärkt Posten mat engem méi héigen Diplom, besonnesch am Enseignement. D'Fraen stellen och 48% vun den Ugestallten am öffentlechen Dëngscht géigeniwer vun 38% am Privatsecteur.

Fir d'CSV sinn di bleiwend Ongläichheeten inakzeptabel.

Dës Ongläichheeten bestinn ,awer

- Obschon, laut Statec,

d'Berufstätigkeit vun de Fraen stänneg eropgeet a 2014 bei 65% louch (par rapport zu 78% bei de Männer),

- Obschon:

55% vun de Fraen tëschend 30 a 34 Joer en Héichschoulofschloss virweisen (50% bei de Männer),

- Obschon:

et schon zënter 1974 reglementaresch Moosnamen zu Lëtzebuerg gëtt iwert d'Gläichheet vun de Paie vu Mann a Fra an d'Gläichbehandlung vu Mann a Frau op der Aarbecht

- Obschon:

D'Aarbechtsrecht z.B. zënter 2004 virgeseit, datt an all Kollektivvertrag de Prinzip vun der gläicher Behandlung vun Fra an Mann drastoen muss. Dëst allerdéngs ouni "Obligation de résultat", d.h. kee Patron ass gezwongen fir a séngem Betrieb konkret Aktiounen mussen ze maachen.

- Obschon

D'Sozialpartner z.B. zënter 2009 en Accord ofgeschloss hunn iwert d'Gläichheet tëschent Mann a Fra, mat enger Rei vun konkreten Objektivten.

Mee, et muss ee soen, mer verdanken et gréisstendeels den Initiativen vun der Europäescher an der Internationaler Gemeinschaft, datt op deem Gebitt Fortschreter gemaach goufen.

D'Loundiskriminéierung ass awer en fait méi grouss, well wa mer d'Differenz um Gesamtverdéngscht kucken, d.h. manner Stonneloun, méi Deelzäitaarbecht, méi Ënnerbriechungen an der

Beruffscarrière, kënnt Lëtzebuerg laut Eurostat op e „Gap“ vun 38,4% bei enger EU Moyenne vun 41,1%.

Virwat hunn d'Fraen eng aner Positioun an der Arbechtswelt wéi d'Männer?

- D'Meedercher wielen weiderhin zënter Joeren di selwecht beruflech Weeër.

Et besteet eng Ofsënnerung a bestëmmte Beruffsecteuren. Wéi eng sinn datt? D'Restauratioun, de Botzsecteur, de Gesondheits-a Flegeberäich, de Büroberäich an den Handel, e.a. an der Vente oder bei der Keess.

Och am Enseignement an an der Magistratur sinn d' Fraen mat iwert 60% vertratt (CEPS/Instead 2013).

Fraen si nach ëmmer a villen méi techneschen a wëssenschaftlechen Beruffer ënnerrepresentéiert. Esou fënnt ee kaum Fraen als Bauaarbechterin, Mechanikerin oder Chauffeur, zwar schon e bësse méi bei den Ingenieuren an den Informatiker.

- Fraen sinn méi oft a Beruffer mat manner Qualificatioun an op précairen Aarbechtsplazen a gi méi schlecht bezuelt. An der Moyenne kréien 17% vun de Fraen de Mindestloun géint 9% vun de Männer. D'Diskriminatioun besteet doran, dass bei den méi typeschen Fraenberuffer nët dee selwechte Wert

zougemiess gëtt wéi de Männerberuffer, bedingt duerch gesellschaftlech Stereotypen. An enger an der selwechter Spart ginn et Fäll wou de Mann besser bezuelt gëtt wéi eng Fra.

- Wann och am Ufank vun der Beruffscarrière di jonk Fraen net esou schlecht do stinn duerch hier héich Schoulofschlëss, geet d'Lounschéier mam Alter däitlech auserneen zu Gonschten vun de Männer.

D'Fraen ënnerbriechen hier Beruffs-Carrière deels- oder ganz wéinst der Kannererzéihung, ob an der Fonction publique oder am Privatsecteur. Laut Eurostat (2. Trimester 2016) soutzen si zu 36% op Deelzäitposten, géigeniwer 6,2% bei de Männer.

D'Haushaltsaarbecht, d'Kannererzéiung an d'Fleeg vun den eeleren Leit, di sougenannten CARE-Aarbecht ass nach ëmmer Fraesaach. An der Moyenne maachen dat 4 Stonnen pro Dag aus, also 2 Mol méi wéi dat bei de Männer de Fall ass.

An dat obschon de Staat an de vergaangene Joeren vill Ustrengungen gemaach huet fir de Famillen d'Liewen méi einfach ze maachen, wéi duerch d'Aféiren vum Congé parental, der Deelzäitaarbecht, den Chèques-Services, den Ausbau vun de Beträiungsstrukturen fir Kanner an eeler Leit.

- E Problem bleift weiderhinn de sougenanntene gliesene Plafong, d.h. de Nët-Zougank fir Fraen zu Féirungsposten an

am Fall wou, di manner héich Pai. Laut engem Bericht vun der Internationaler Aarbechtsorganisatioun plazéiert Lëtzebuerg sech op 84. Plaz vun 108 Länner wat Proportioun vu Fraen op mëttleren an héige Kaderposten ugeet. Och d'Representatioun vun de Fraen an den privaten Verwaltungsréit leit nëmmen bei 20% an déi bei den Bourse cotéierten Betriber ëm di 12%.

Insgesamt steet och hei de Staat besser do an ass zënter 2015 vu 27% op 32% vum Staat genannten weiblech Administrateuren eropgaangen. Den insgesamte Prozenssaz vu Fraen an deene Gremien laut awer nëmmen bei 25,66%.

Här President,

D'CSV begréisst, dass mer haut d'Loungläichheet fir Fraen a Männer fir gläich oder gläichwerteg Aarbecht an engem neien Kapitel am Aarbechtsgesetzbuch verankeren.

De Rapporteur Marc Angel, deem ech heimat och Merci soen fir säin exzellenten schrëftlechen a mendlechen Rapport, huet eis dat elo grad alles am Détail erklärt, dofir gin ech net méi op d'Détailsfroen an.

D'CSV hofft, dass duerch di méi genee Beschreiwung vun den Elementer vun engem gläichwertegen Loun, d'Akloen fir di betreffen Fraen méi einfach gin.

Och begréisste mer, dass d'Sanktiounen fir d'Patronën efficace an ofschreckend sinn.

D'Ëmsätzung vum Gesetz steet a fällt awer mat der ITM oder éischer der ITRAM, der Gewerbeinspektioun also. Si war bis elo jo och schon mat deeër Kontroll beoptragt, domatt awer zimlech iwerfuerdert! Et sinn och keng Donneeën do wivill Plainten gemaach goufen. Mer hunn di Diskussioun an der Aarbechts- a Beschäftigungs Commissioun vum 30 Mee 2016 gefouert. Bedauerlecherweis ass de Procès-verbal vun deeër Sizung nach net approuvéiert, waat och eigentlech net Usus wann e Projet de loi schon zur Ofstëmmung virleit! D'ITM huet d'Recht Abléck an d'Paien ze kréien, mee alles ze kontrolléieren, och d'Primen, huet den Här Minister gemengt, giff se net packen. Kee Wonner mat ëmmer neien Missiounen a mat iwert 32.000 Betreiber! Ausserdeem kann se nëmmen intervenéieren wann di betrafte Persoun dat och wëllt.

-Trauen di Persounen sech dann elo éischer Plainte ze féieren?

-Kënnt eng speziell Ulaafplaz op d'ITM fir dës Problematik?

-Wéi kommen d'Delegationen aus der Zwéckmillchen eraus, dass d'Gehälter eigentlech ënnert Berufssgeheimnisser falen an se also net vill Handhab hunn?

Här President,

D'CSV hofft, dass d'Opwärtung vun den „Actions positives“ duerch dat heiten Gesetz e Plus bréngt. Laut der neier administrativer Praktik muss de Betrieb dokumentéieren, dass en engerseits di intern Loungläichheet kontrolléiert huet mat Hëllef vun deem Schweizer Loungläichheetsinstrument LOGIB ouni

awer d'Léin offenzeleeën an aanererseits, dass e sech konkret Objektiv op 2 Joer gesat huet fir méi Fraen an Entscheidungsgremien ze fördern. D'CSV begréisst dës weiderhin fräiwëlleg Initiativ a wërft zugleich d'Fro ob wéi och verschiddenen Avisën: Sinn di administrativ Oploen net zevill eng Laascht fir d'Betrieber a riskéieren se net éischer e Schoss no hannen ze ginn? Wat geschitt dann wann d'Objektiv net erreecht sinn?

Dës positiv Aktiounen goufen schon ënnert den Virgänger CSV Ministeschen M-Josée Jacobs a Françoise Hetto fir d'Betrieber lancéiert. Zënter 2011 sinn se op de Staat an 2012 op d'Gemengen ausgeweit an hunn hier Preuven gemaach.

- Hunn dës positiv Aktiounen genuch Visibilitéit no baussen fir weider Betrieber ze motivéieren?
- Misst d'Regierung net weider Incentivs ginn, z.B. duerch d'Berücksichtigung vu Betrieber mat engem Label „Actions positives“ bei öffentlechen Ausschreibungen?

D'CSV ënnerstëtzt jiddefalls eng differenziéiert Approche, déi op den Dialog mat de Betrieber sétzt an déi zu enger gesonder Mëschung, zu enger Diversitéit vu kompetente Leit op alle Niveauen an der Entreprise féiert. Dat an engem selwerbestëmmt mee net ze luese Rhythmus mat deeër néideg Flexibilitéit je no Secteur. Wat d'Quoten an de Verwaltungsréit

bei de Bourse cotéierte Entrepisen ugeet, ënnerstézt d'CSV d'Directive Reding .

Mat der Datebank vum „Female Board Pool“, déi potentiell Kandidatinnen aus diverse Beräicher oplëscht, och vun der fréierer Ministesch Hetto initiéiert, dierft jiddefalls kee Betrieb méi soen e giff keng kompetent Fraen fir an d'Verwaltungsréit fannen! Grad esou wichteg ass e.a. eng besser Vernetzung vun de Fraen.

D'CSV mengt dass un éischer Stell de Staat op eng kohärent Art a Weis soll mam Beispill virgoen. Ech zitéiren meng Fraktiounskollegin Martine Hansen am Kader vun der Debatte 2014 zum Gestzesprojet iwert den FNR (Fonds National de la Recherche am öffentleche Secteur) : „ *Ech well awer nach eemol drop hiweisen, datt mir als CSV - sou wéi och de Conseil d'Etat et besser fonnt hätten, wann Der een allgemengt Gesetz fir all d'Etablissement-publique gemaach hätt, fir eben ze verhënneren, datt mer all eenzelt Gesetz mussen upassen, respektiv fir ze verhënneren, datt dës Saach eemol eng Kéier kéint an engem Gesetz vergiess ginn*“. Enn vum Zitat.- Esou dann och elo kierzlech geschitt beim Gesetzesprojet vum neien Fonds du Logement, wou d'Regierung vergiess hat hiren eegenen Regierungsprogramm ëmzesetzen a mir als Opposition drop opmierksam gemaach hunn! Hätt d'Regierung also net besser ëmzedenken op deem Punkt?

Här President,

Wert Kolleginnen a Kollegen,

Mer brauchen eng gesellschaftlech Gesamtstrategie an eng nei Betriebskultur net fir d'Fraen, mee fir dass eis 50% vun den Talenter nët verluer ginn!

- Geet de Girl's and Boy's Day duer fir d'Beruffsoorientierung ze verbessern?
- Wéi d'Fraen op méi zukunftsorientéiert Aarbechtsplazen kréien z. B am Beräich vun de Wëssenschaften, der Informatik an den Kommunikatiounstechnologien?
- Wat maachen fir e besseren Zougank zur Weiterbildung oder beruflecher Ëmorientierung?
- Mécht de Ministär net eng Sensibilisatiounscampagne an de Betrieber fir iwert di nei gesetzlech Moosnamen opzeklären?
- Wéi kréie mer d'“Work-Life Balance“ hin fir Fraen a Männer, an zwar esou, dass se de Choix hunn wéi en Beruffs- a Familljeliewen se wëlle féiren? Dozou gehéiren e.a. eng ugepassten Aarbechtszäitorganisatioun a méi Männer déi sech an d'CARE-Aarbecht investéieren.
- Ass d'Potenzial vun den Kollektivverträg genuch genotzt? Europäesch gesinn, sinn a Betrieber wou Kollektivverträg bestinn, d'Gehaltsdifferenzen téschend Männer a Fraen vill manner héich sinn. Ech verweisen och hei op di juristesche Studie vum Viviane Ecker iwert d'Chancegläichheet

tëschent Mann a Fra an den Kollektivverträg. Missten d'Sozialpartner net op dës Problematik sensibiliséiert an och forméiert sinn?

- Vu dass och den Här Minister dovun ofgeseit fir en Aktiounsplang Egalité obligatoresch fir d'Betrieber iwert 50 Ugestallten anzeféieren, sollt ee net en einfacht Instrument schaafen mat deem sech d'Geschlechtsneutralitéit besser iwepréifen a regelméisseg suivéire léisst, am Ausland gin et schon verschidden esou Modeller ?
- Misst net d'Informatioun vun den Delegéierten an Gleichstellungsdelegéiert verbessert ginn? Si hunn Urecht op Donneeën déi ventiléiert sinn pro Geschlecht.

Dat bescht Gesetz notzt näischt wann net eng allgemeng Bewusstseinsbildung souwuel bei de Betrieber wéi an der Gesellschaft, zesummen mat de Männer, stattfënd. D'Stereotypen an di klassesch Rolleverständnisser zwëschen Mann a Fra sinn nach ëmmer déif verankert.

Schon oft hu mer an dësem héigen Haus iwert daat Thema geschwaat. Et wier zevill schéin, wann dat haut fir d'lescht néideg wier.

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären,

D'CSV Fraktioun hat schon den 11. Januar dëst Joer eng Spléckung vum virleiende Gesetzesprojet gefrot, well en zwee ganz verschidde Themefelder behandelt, och wann se allen zwee eppes mat Chancegläichheet tëschend Mann a Fra ze dinn hunn. Mir haten och, muss ee soen, net déi néideg Explicatiounen an der Chancegläichheetskommissioun zum Volet Aarbecht kritt, mat der Remarque, dofir wier eigentlech den Aarbechtsminister zoustänneg. Dofir huet d'CSV geméngt, da wier et besser wann d'Aarbechts- a Beschäftigungskommissioun sech direkt ganz giff drëms këmmen.

D'Regierung huet ënnerstrach, an den Rapporten huet et gesoot, et wier de politesche Wonsch fir di 2 Voletën an engem Gesetz ze regruppéieren an d'Aarbechtskommissioun sollt just fir en Avis saiséiert ginn. D'Majoritéit huet dat awer am Ufank esou duergestallt wéi wann d'Aarbechtskommissioun sech selwer op de Volet Aarbecht opmierksam gemaach hätt.

D'CSV begréisst zwar das en Avis vum Travail kouw, fënnt awer nach wie vor, dass et besser gewiescht wier d'Voletën vun der Aarbecht a vun der Geschlechterklausel bei den politesche Wahlen getrennt zebehandelen.

Dofir huet d'CSV Fraktioun och gefrot, Här President, fir herno separat iwert den Artikel 1 ofzestëmmen!

An elo zum Filetsstéck aus dem Regierungsprogramm.

„Quota or not quota, that’s the question!“ fir et mam Shakespeare ze soen.

Zu bal kengem Thema scheeden sech d’Geeschter méi, esouguer ënnert de Majoritéitsparteien, an zu bal kengem Thema ass zënter Joeren méi Tënt gefloss wéi zum Thema Geschlechterquote an am speziellen dem Fraenundeel op de Kandidatelëschten vun de Parteien!

D’Propose vun der Regierung huet dann och fir e regelrechten Gambiatheater gesuergt!

- Cocasse jiddefalls, d’Chambers Petitioun géint gesetzlech Quoten, ugestiwwelt vun LSAP Politiker, déi hierer eegener Ministesch an de Réck gefall sinn a wou och nach d’Jongdemokraten sech mat an d’Boot huele geloss hunn!
- Grad esou cocasse, en Artikel am Land vun engem héigen DP Parteimandatär, deen e.a. vun „Aafentheater“ geschwat huet! Wat war gemengt? Déi dach, muss ee soen, fir Männer liicht provokant a matt Staatsgelder bezuelten „Aafen-Gläichstellungs-Campagne vum zoustännege Ministär!
- Nach méi cocasse d’Ausso vun engem Member vun der DP Fraktioun op dëser Tribün beim Débat iwert d’Proposition de

loi 6586 vum honorablen Här Kartheiser am Januar 2015. D'DP wier kee ganz grouse Frënd vun Quoten an sie geséich et net erstriewenswert fir intern Quoten an der Partei anzesetzen. Wéi geet dann elo, wann haut viraussichtlech – et wees ee jo nie - d'Gesetz gestëmmt gött? Dann hätt d'DP wuel ëmmer nach keng intern Quote, mee wat mécht se dann mat der gesetzlecher Quote ouni schizophren ze ginn?

Wuelverstanen, d'Fakte weisen ganz kloer, dass d'Bedeegung vun de Fraen un de politeschen Entscheedungen muss verbessert ginn:

- Mat 17 Fraen duerch Noréckelen an der Chamber - soss wieren et der nëmmen 14- leie mer mat e bësse méi wéi 28% am europäeschen Ranking op 20. Plaz. E vun de Vizepresidente vun der Chamber ass eng Fra a vun den 23 Chamberskommissiounen ginn der 6, also 1 Véirel vu Frae presidéiert.
- Mat 2 Fraen vu 6 Lëtzebuerger Gewielten am Europaparlament komme mer op genee 1 Drëttel.
- Mat 4 Fraen vun 18 Regierungsmemberen si mer bei 22% a leien elo no der Demissioun vun enger Ministesch e gutt Stéck ënnert der EU Moyenne vun 26%.
- Mat 13% Buergermeeschteschen, mat 1 Fënneftel Scheffinnen an 1 Véirel Gemengeconseillèren

- A last but not least, mat 6 weibleche Memberen am Staatsrot vun 21, ka kee behaupten dat wier den Top!

D'Regierung huet awer keng koherent Approche bei der Aféierung vu Geschlechterklauselen an ass sech net konsequent! Dofir huet sech net nëmmen d'CSV, mee esouguer honorabel DP Deputéiert gewonnert.

Virwat net och bei de Gemengewahlen ? Virwat sech do just op eng Sensibiliséierungs Campagne limitéieren? Déi vun der LSAP mat der Madam On Tour mat der Posch ass jiddefalls direkt als sexistesch plakativ Campagne verstane ginn!

Virwat net och fir d'Regierung oder am Staatsrot?

Bei der Reform vum Staatsrot ass zwar eng Mindestzuel vu 7 Persounen vum ännerrepresentéierte Geschlecht virgesinn, mee et war jo awer d'Regierung déi se scho wollt ëmsätzen ier d' Reform gestëmmt ass.

Am Plaz di Politspillercher mat der ADR ronderëm d'Besézung vun deeër Héiger Kierperschaft, hätt jo näischt verhënnert, dass di Gréng Partei, wéi se virdrun um Tour war, Fraen an d'Rennen geschéckt hätten statt 3 Männer! D'autant plus wann jo eng Geschlechterquote fir de Staatrot an hirem Wahlprogramm ugekënnegt hunn!

D'CSV huet kee Gesetz gebraucht a brauch och keent fir eng politesch Quoteregung anzeféieren.

Si huet schon 2001 als 1. vun den grouse Parteien eng bindend Geschlechterklausel vun 1 Dréttel an hire Statuten agefouert, an dat net nëmmen fir d'Chamber- an Europawahlen, mee och fir d'Gemengewahlen an an de Parteigremien. Beim leschten Statutekongress ass dës Regelung op e fakultativen Niveau vu 40% eropgehewe ginn.

D'CSV ass also der Meenung, dass all Partei sech soll hiiren eegenen Profil ginn a sétzt op fräiwelleg Quoten. Si ass also net géint de Prinzip vu Quoten.

Et ass och guer net esou kloer erwisen, dass die 9 europäesch Länner déi gesetzlech Quoten domat besser do stinn.

D'CSV ass awer grad esou der Meenung, dass eng Geschlechterklausel ëmmer nëmmen kann en Instrument sinn um Wee zur Chancegläichheet.

Di jonk Generatioun Fraen verléiert gären aus den Aen, dass datt alles net esou selbstverständlech war an ass. Dofir di öfters pejorativ Connotatioun vu Quotefra. Et geet wuelverstanen hei drëms, an den Rapportier huet drop hingewisen, kompetent a gleich qualifizéiert Fraen während enger Iwergankszäit ze fördern.

Do derniewt ass e Package vu Moosnamen néideg fir di existent Hürden z'iwerwannen, wéi e Nowuessprogramm fir jonk Fraen a

Männer, politesch Formatioun fir Fraen a Männer, Mentoring vu potentielle Kandidatinnen, besser Vernetzung a Visibilitéit an de Medien.

Och dat ass d'CSV am gaang ëmzesetzen. A virun allem kann se schon zënter Joeren op eng staark Fraenorganisatioun, d'CSF, zielen, déi all dëst matt ugestouss huet.

D'CSV hat d'Remarque vum Staatsrot opgeworf virwat d'Regierung dann net eise Wahlsystem op de Leescht geholl hätt, well aner Länner hu sech do nach aner Méiglechkeeten ginn fir ze stroufen, z.B. eidel Plazen op de Lëschten.

Ogesinn dovun ass d'CSV ass awer der Meenung, dass et besser wier de Parteien e positiven finanziellen Incentiv ze ginn am plaz ze finanziell ze stroufen wann se d'Quote net anhalen. Ech erënneren drun, dass dat esou guer esou am Koalitiounsprogramm vun der viirechter Regierung virgesi war, an där d' LSAP jo och dran war.

Op dee Viirstouss vun der CSV hin huet d'Chancegläichheetsminitesch gemengt eis Gesetzgebung wier eben esou opgebaut, dass wann een sech net drun hält, et Stroufen gëtt! Déi Meenung kann ech net deelen, well mer hunn eng Rei Gesetzer wou de Staat eppes belount wann en Objektiv

erreicht gött, z.B. beim Pacte Logement wou d'Finanzsprézt méi grouss gött wann de Bevölkeringzouwuess méi grouss ass.

Et ass e politische Choix. Mee et ass och net den eenzege Wee!

Och de Premierminister huet dës lescht bei der Ouverture vun der europäescher Männerkonferenz gesoot dat et fir d'Regierung normal wier fir Fraen a Männer mat op d'Lëscht ze huelen. Aaner Parteien wéilten méi wéi dat normalt maachen an deems se eng Prime giffe ginn wann e Fraen mat op d'Lëscht hëllt. Virwat een dann eppes misst belounen wat normal ass? D'Regierung giff strofen wann dat Normalt net agehale gif gin.

Mee ech froen d'Demokratesch Partei: Wat ass dann elo fir si dat Normalt? - Liesen ech dach am virdu genannten Land Artikel - ech zitieren " *Quoten waren für die Demokratische Partei nie die optimale Lösung, um der geschlechtsspezifischen Ungerechtigkeit zu begegnen* - an dann e bässe méi wäit: " *Bei den Koalitionsverhandlungen zur blau-rot-grünen Regierung reagierte die DP auf die Entwicklungen im internationalen, vor allem im europäischen Umfeld, wandte sich von ihrer ursprünglichen Position ab und akzeptierte eine gesetzliche Quotenregelung für Verwaltungsräte und Parteilisten. Bei 40 Prozent liegt demnach das anvisierte Ziel der Regierung.*- an elo kënnt et: " *Auch hat sich die Demokratische Partei damit*

einverstanden erklärt, ein ausgeglichenes Geschlechterverhältnis auf Wahllisten finanziell zu fördern. Also umso irritierender ist deshalb der rezente Vorstoss des Chancengleichheitsministeriums anzusehen, bei der Parteienfinanzierung Kürzungen bis zu 75 Prozent vorzunehmen, sollten die vorgeschriebenen Quoten nicht eingehalten werden. Eine solche Regelung- die JDL bezeichnet sie in ihrer Pressemitteilung als "populistisch" - erscheint mir allerdings als ein äusserst diskriminatorischer Eingriff in die organisatorische Freiheit der Parteien und ihrer Sektionen. Sie läuft Gefahr, im Namen des schnöden Mammons die Falschen in der Politik zu fördern!"

Dat erklärt also virwat mer ëmmer gemengt hunn an der Chancegläichheetskommissioun séitzen Memberen vun enger anerer DP wéi déi vun de Regierungsmemberen!

Duerch dësen internen Koalitiounsdruck huet d'Chancegläichheetsminsitesch schlussendlech misse Waasser an hire Wäin schëdden, dofir di Iwergangsfrist, dass d' Strofen erreicht bei der iwernächster Wahl sollen ganz spillen.

D'CSV huet an der Kommissioun eng Alternative virgeluet an den 28. Juni Amendementer abruet, déi awer vun der Majoritéit verworf goufen.

Ech wëll, Här President,

léif Kolleginnen a Kollegen,

D'CSV Amendementer awer nach eng Kéier hei abrénge an zum Vote stellen.

Demno sollen déi Parteien déi eng Geschlechterquote vu mindestens 1 Drëttel erfëllen eng dementspriechend finanziell Énnerstétzung kréien, net op Basis vum Parteifinanzéierungsgesetz, mee op Basis vum ofgeännerten Wahlgesetz vum 18. Februar 2003.

Den Artikel 93 soll en neien Abschnitt bäikréien dee seet: Wat eng Partei méi no bei de Sockel vu 40 Prozent kënnt, wat d'Majoratioun op der Dotatioun fir d'Wahlkampfkäschten méi héich gött.

Fir d'Chamberwahlen kann et demno en Opschlag ginn vu 5 bis 25 Prozent ab 20-24 Kandidaten wann di 4 Wahlbezierker op d'national Moyenne kommen.

Fir d'Europawahlen mat engem eenzegem Wahlbezierk giffen dat 12,5% ausmaachen fir de Minimum vun 1 Drëttel bis 40%, wat an béide Fäll 2 Kandidaten ausmécht.

Dat wier also direkt gekoppelt un d'Wahlen a giff och nëmmen all 5 Joer erfalen. Dat wier eng ganz moderéiert Ausgab, well et geet jo net drëms d'Parteikesen ze fëllen, respektiv Fraen „ze kaafen“ oder Abus mam Budget ze bedreiwen.

Dat ass dat wat d'CSV als Alternative proposéiert.

D'Kollegen vun der DP oder aner Kollegen kënnen sech also nach gären d'Amendementen vun der CSV ralliieren déi mer nach eng Kéier hei am Plenum zum Vote stellen.

D'CSV stung a steet fir eng Politik déi d'Fraen aktiv fördert, an dat op alle Niveauën an an alle Gesellschaftsberäicher.

Virun allem ass e Bewosstsäinwandel néideg an dee Wee mussen zesumme mat de Männer goen.

D'Halschend vun den Talenter, d'Halschend vun der Verantwortung! Jo!

Dat geet awer net mat der Briechstaang, soss riskéiert net nëmmen dee gliesene Plafong a Schiebelen ze goen!

Eng méi héich Proportioun vun de Kandidatinnen op de Wahllëschten vun de Parteien heescht jo och net automatesch, dass méi Fraen gewielt ginn.

Quote hin, Quote hier, leschtendlech mussen d'Fraen och nach gewielt ginn an do behalen selbstverständlech d'Wielerinnen an d'Wieler daat lescht Wuert ! Ech kann hinnen just e Wuert vum Michelle Bachelet, Presidentin vum Chili, mat op de Wee ginn:

« La politique gagne en qualité quand il y a des femmes »

Ech soen Iech merci !

Sylvie Andrich-Duval
CSV Deputéiert